# Commune de Junglinster

**Commission consultative de la santé, des affaires sociales et du bien-être**

## Rapport de la réunion du 15/04/2025

**Lieu de réunion :** Op Fréinen « An der Buvette »

**Début de la réunion :** 19h30

**Ordre du jour**

1. Approbation du rapport de la dernière réunion
2. GSK an de soziale Medien / Instagram / Facebook
3. Feedback: Relais pour la vie 2025
4. Timeline Events / Aarbechtsgruppe machen / Informatiounsowend Ernährung Hierscht 2025
5. MAG - weider Iddie fir Artikelen
6. Divers

### 1. Approbation du rapport de la dernière réunion

De leschte Rapport gouf unanim ugeholl.
Um Schluss vun dësem Rapport fannt Dir e klenge Resumé, fir verschidde wichteg Punkten an Aufgaben opzedeelen.

### 2. Gesondheetskommissioun op de soziale Medie

Fir an Zukunft méi visibel ze sinn, huet d'Gesondheetskommissioun sech dozou entscheet, en Instagram-Account unzeleeën. Aktuell waarde mer nach op e passende Logo vun der Gemeng.
Zil vun dëser Initiativ ass et, a reegelméissegen Ofstänn kleng Beiträg ze publizéieren, fir iwwer aktuell Themen aus de Beräicher Gesondheet, Wuelbefannen a Soziales ze informéieren.
D'Linda këmmert sech ëm dësen Account – e grousse Merci un hatt!

## 3. Feedback : Relais pour la vie 2025

E puer Memberen hunn der Kommissioun hire Feedback zum „Relais pour la vie“ ginn. D’Kommissioun huet zu dësem Zweck en Evenement organiséiert, dat och am MAG publizéiert ginn ass.
D’Zil war et, Leit zesummen ze bréngen an zesumme fir e gudden Zweck ze tréppelen oder ze laafen. Et waren eng 18 Persounen op der Plaz dobäi, als kleng Stäerkung goufen Äppel verdeelt. Francoise huet d'Bestellung vun den Äppel an engem lokale Buttek organiséiert. Villmools Merci Francoise!

Duerch d’Evenement konnt en Don vu 500 € gesammelt ginn fir d’Fondation Cancer.
E grousse Merci un d’Gemeng fir dëse generéise Don.

## 4. Timeline Events / Aarbechtsgruppe machen / Informatiounsowend Ernährung

**Hierscht 2025**

Dëst Joer hat d’Kommissioun d’Iddi, en Info-Owend z’organiséieren. An der Reunioun goufen aktiv passend Theme gesicht. Et gouf sech op dat wichtegt Thema **gesond Ernährung** gëeenegt.

Am Brainstorming gouf besonnesch de Kontext „**Slow Food vs. Fast Food**“ ervirgehuewen. Zousätzlech gouf d’Iddi opgeworf, Workshops unzebidden an digital Tools wéi z. B. d’App **Yuka** mat anzebannen. Eng aner flott Iddi wier et, e **Kachatelier** opzestellen.

Et gëtt an Zukunft nach weider un dëser Iddi geschafft, an de Sujet gëtt och op den nächsten Ordre du Jour gesat.

Wat scho feststeet:

- Et gëtt kee Film gewise.
- D’Evenement soll am Hierscht stattfannen.
- Fir dass et rechtzäiteg am MAG vum Juli publizéiert ka ginn, muss de Projet schonn am Summer fäerdeg geplangt sinn.

## 5. MAG-Artikele

D’Kommissioun sicht sech reegelméisseg passend Artikelen, Podcasts oder Applikatiounen eraus, déi am Zesummenhang mat Gesondheet oder soziale Sujete stinn, fir dës regelméisseg am MAG ze veréffentlechen.

## 6.Divers

| **Propose un de Gemengerot:** |
| --- |
| D'Gesondheets- a Sozialkommissioun fënnt et ubruecht, dass bei zukünftege Sallreservatiounen d'technesch Opzeechnung vun Dëscher a Still eventuell kéint vun der Gemeng iwwerholl ginn, fir de Prozess ze vereinfachen. |

Evenement Gogo Vëlo: Fënnt den 22.04.2024 statt.

**Resumé:**

- Nächst Reunioun: den **20.05.2024 em 19:00**
  Hei empfänke mir Invitéeën: Vertrieder vun der Bien-être au Coeur a.s.b.l., invitéiert ab 20:00 Auer.
- De Fabrice setzt sech nach mat der Madame Toepfer vun der Youth & Work a.s.b.l. a Kontakt, fir se zu engem spéideren Zäitpunkt och an d'Kommissioun anzelueden.